N°5304
Reçue le 29.11.2021
Déclarée recevable et urgence reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 29.11.2021

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 29. November 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës drénglech parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Gesondheet weider ze leeden.

Eng ganz Rei Leit am Grand-Duché, dorënner vill Eelerer goufe mam Impfstoff vun AstraZeneca geimpft. Bei dësem Vaccin war den Zäitraum tëscht der éischter an der zweeter Impfung bekanntlech méi laang, wouduerch jo dann och den Usproch fir d'Booster-Impfung no 6 Méint méi wäit no hanne réckelt a verschidde Leit elo nach keng Invitatioun fir dës drëtt Impfung kréien. Eng rezent schwedesch Etude huet och opgewisen datt beim AstraZeneca Vaccin, den Impfschutz schonn no 4 Méint staark ofhëlt. Bei eise belschen Nopere kréien AstraZeneca-Geimpfter schonn no 4 Méint eng drëtt Booster-Impfung offréiert.

An der aktueller Situatioun ass et wichteg datt méiglechst vill Leit, a virun allem déi Vulnerabelst, gutt géint de Corona-Virus geschützt sinn.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Gedenkt d'Regierung op mannst de vulnerabele Leit, deenen hir zweet AstraZeneca Impfung evtl. réischt 4 oder 5 Méint zréckläit, direkten Zougang zu enger Booster-Impfung ze ginn?
2. Wann nee, aus wéi enge Grënn?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Claude Wiseler
Deputéierten

Martine Hansen
Deputéiert

N° 5283
N° 5304
Reçue le 30.11.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'urgent parlamentaresch Fro n° 5304 vum 29. November 2021 vun den honorabelen Deputéierten Madamm Martine Hansen an Här Claude Wiseler an op d'parlamentaresch Fro n°5283 vum 23. November 2021 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen**

D' Regierung huet, baséiert of verschidden Studien déi eng begrenzten Dauer vum Impfschutz bäi enger Grondimpfung mat zwou Injektiounen vun Vaxzevria (AstraZeneca) undéiten, den 29. November 2021 décidéiert, dass d'Leit mat dësem Impfschema schonns 4 Méint no der zweeter Impfung fir eng Boosterimpfung mat engem mRNA Impfstoff invitéiert ginn. Dëst huet aktuell nach keen Afloss op d' Validitéitsdauer vum initialen Europäeschen Digitalen Covid Zertifikat fir d' Impfung.

Lëtzebuerg, den 30/11/2021.

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert